

# MOIEN!

MIR SINN D'JUGENDHAUS  
VUN DER GEMENG  
KIELEN! (JUKI)

Fotoen an Text: JUKI asbl

# DIGITAL JUGENDAARBECHT VUM JUKI

Digital Jugendarbecht bedeit fir de Juki, déi Jugendlech do ofzehuele wou si am meeschten unzutrefe sinn. Dass dës Plaz oft den Internet ass oder, nach méi spezifesch, déi sozial Medien, ewéi Instagram, WhatsApp, TikTok, Facebook a Co. sinn, iwwerrascht wuel keen. Ons ass dat scho säit enger gudder Zeit bewosst an dofir hu mir eis och digital deementspriechend opgestallt an ausgerüst.

De Juki gräift a senger aldeeglecher Jugendarbecht op déi sozial Medien zeréck, fir sech mat deene Jonken an awer och mat anere Jugendhaiser, Elteren, etc. ze vernetzen. Des Weideren notze mir dës digital Weeër och als Informatiounsplattform fir aktuell Aktivitéiten, Öffnungszäiten, Aktualitéiten ze verbreedden.

Nieft dem reale Jugendhaus huet de Juki och souzesoen en digitaalt Jugendhaus erschaf, an am Plaz déi sozial Medien ze kritiséieren hu mir dëst als Ressource genotzt an eis Aarbechtsweis deementspriechend ugepasst.

Déi sozial Medie spillen ëmmer méi eng grouss Roll am Liewe vun eiser Jugend. Däers si mir eis als Jugendarbechter bewosst, an dofir besteet eis Aufgab ënnert anerem doranner, déi Jonk op déi negativ Follge vum Mediekonsum opmierksam ze maachen an ze sensibiliséieren.

## JUKI TV

De Juki Tv ass während der Corona Pandemie entstanen, fir déi Jonk och während dëser schwiereger Zäit errechen ze kënnen. D'Iddi war eng Aart "Matmaach-Tëlee" ze kreéieren, fir de Kontakt mat de Jonken oprecht ze erhalen.

Och no der Covid Pandemie huet de Juki, an Zesummenaarbecht mat eisen zwee Jugendlechen, dem Alex an dem Dylan, decidéiert de Juki Tv weiderzeféieren. Vun 2023 un ass gemeinsam beschloss ginn, dem Juki Tv en neit a méi modernt Format ze ginn.

